LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis

L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 16 DEC. 2020

Dossier suivi par:
Stéphane Andreolli
☎ 247-84812
✉ qp@ml.etat.lu

Ntr.réf.: 2020/QP3282_Hahn_Lamberty/RépMin/sa

<u>Concerne</u>: **Question parlementaire n°3282 du 10 décembre 2020 posée par les Honorables Députés Max HAHN et Claude LAMBERTY concernant l'activité de location subventionné du Fonds du logement.**

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 11 décembre 2020 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse du Ministre du Logement à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre du Logement

Henri Kox

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu

**Äntwert vum Här Wunnengsbauminister Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n°3282 vum 10. Dezember 2020 vun den Hären Deputéierten Max HAHN a Claude LAMBERTY zum Thema « activité de location subventionnée du Fonds du logement ».**

Déi éierwäerten Deputéiert Claude Lamberty a Max Hahn bemierke ganz richteg, datt d'Prioritéit am ëffentleche Wunnengsbau scho vun der viregter Regierung ob d'Schafe vun abordabele Lokatiounswunnengen orientéiert gouf.

Dëst gouf iwwregens an der rezenter Debatt zum Finanzéierungsgesetz fir de Wunnengsbauprojet Elmen nach eng Kéier vun enger Rei Vertrieder an der Chamber als e wichtege Schratt begréisst. Och dowéinst wäert dës Regierung un där Prioritéit festhalen. Et entsprécht ganz einfach dem Bedarf vun deene Leit, déi Schwieregkeeten hun sech eng bezuelbar Wunneng ze leeschten, an deenen de profitorientéierte private Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg keng Optioune bitt.

Bei menge ville Kontakter um Terrain erliewen ech och reegelméisseg dat grousst Engagement vun responsabele Politiker a Beamten um kommunale Plang, déi sech fir d'Schafe vun abordabelem Wunnraum asetzen. An de leschte Joren huet sech op ville Plazen eng exzellent Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen an dem Fonds du Logement oder der SNHBM opgebaut, wouduerch eng Rei nei Projete konnte lancéiert ginn.

Dës Initiative gi vun der Regierung och finanziell ënnerstëtzt mat Subventiounen, déi bis zu 75% vun den Investitiounskäschten ausmaachen. De Projet de Budget pluriannuell, deen nach dëser Deeg an der Chamber zum Vott gestallt an ugeholl gouf, weist och kloer datt d'Regierung an d'Parlament d'Zeeche vun der Zäit erkannt hunn, an déi néideg finanziell Ënnerstëtzung wäerten oprecht erhalen.

Dësen nationalen Effort ass grad an Zäite vun enken ëffentleche Keesen en Zeeche vu Solidaritéit a Wäitsiicht a kann net genuch wärtgeschätzt ginn. Ech kann dofir och kee Feelen vun Akzeptanz fir dës Wunnengsbaupolitik erkennen, weder um kommunalen, nach um nationale Plang.

Wat déi sougenannten « Attributiounskrittären » ugeet, sou schéngt et mir selbstverständlech, datt Wunnengen, déi zu 75% vun nationale Steiergelder finanzéiert ginn, och alle Bierger am Land sollen opstoen, wann si de soziale Krittären entspriechen. Nëmmen esou kënne mer de Bierger am Land glafwierdeg maachen, datt d'Stäerkung vun der sozialer Kohesioun keen eidelt Verspriechen ass, mee eng Realitéit soll si fir all Mënsch deen hei wunnt oder schafft.

Am Moment si meng Servicer am gaang d'Attributiounskrittären ze iwwerschaffen, wéi se haut am sougenannten 98er Reglement virgesi sinn. Et ass geplangt do och eng Rei regionalspezifesch Krittären anzeféieren, esouwäit se sozial- a familljiepolitesch oder landesplaneresch sënnvoll sinn a rechtlech net géint Antidiskriminéierungsreegele verstoussen. Beispillsweis, solle Famille mat Kanner d'Méiglechkeet kréie prioritär fir eng Wunneng ze kandidéieren, déi et de Kanner erlaabt an hirem gewinnte Liewensëmfeld ze bleiwen. Grad esou ass et wichteg, datt mer dem Krittär vun der Aarbechtsplaz eng gewësse Wichtegkeet zougestinn, fir datt d'Leit méiglechst no bei hirer Aarbechtsplaz kenne wunnen an doduerch u Liewensqualitéit gewannen a manner Zäit am Trafic verléieren.

Esoubal dës Krittäre bis iwwerschafft sinn, wäert ech déi der Chamber an de Gemengevertrieder presentéieren.